

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Virun engem Joer hat den Här Bausseminister, zesumme mat der Cheffin vum Nation-Branding-Aarbechtsgrupp am Bausseministère, der Madamm Beryl Koltz, eng Pressekonferenz ofgehalen, an där déi nei Nation-Branding-Campagne vun der Regierung virgestallt gouf. Déi aktuell Phas vum Nation Branding soll bis 2025 lafen a gëtt mat 1,5 bis 1,8 Millionen Euro pro Joer subventionéiert (Quell: <https://www.tageblatt.lu/headlines/nation-branding-die-zweite/>). Domat solle Projeten entwéckelt ginn, déi eist Land no bausse promouvéiere sollen. Dat geet awer naturgeméis just mat Leit, déi sech fir dës Projeten engagéiere bzw. aspaane loossen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister präziséieren, wéi eng Projete konkret säit dem Juli 2021 am Kader vun der neier Nation-Branding-Campagne lancéiert goufen a wéi héich dës Projeten am Einzelne subventionéiert goufen? Wéi eng Resultater hunn dës Projete bis elo am Hibleck op d'Promotioun vun eisem Land ervirbruecht?
- 2) Kann den Här Minister confirméieren, datt dës Projete politesch neutral sinn, dat heescht net d'Missioun hunn, déi politesch Agenda vun enger bestëmmter Partei oder vun e puer Parteien no vir ze bréngen?
- 3) Ass de Bausseministère konkret u bestëmmt Leit erugetrueden, fir sech fir dës Projeten ze engagéieren? Wa jo: Kann den Här Minister Präzisiounen zu dëse Leit ginn? Wéi goufen dës Mënschen ausgesicht? Sinn och „Prominenter“ derbäi? Wa jo: Wat kréien déi dofir?
- 4) An der mentionéierter Pressekonferenz huet den Här Minister gesot, Lëtzebuerg als dynamesch Kraaft hannert der europäescher Integration wëllen ze promouvéieren. Geet den Här Minister dervun aus, datt eist Land doduerch un Attraktivitéit bei Touristen oder Studente gewënnt, andeems et sech als Motor vun der europäescher Integratioun presentéiert? Wa jo, op wéi eng Donnéeë beriff sech den Här Minister bei dëser Thes?
- 5) Hat déi éischt Nation-Branding-Campagne nach op dräi Bäiwierder baséiert, déi eist Land angeblech am beschte representéieren: dynamesch, oppen an zouverlässeg, sou goufen dës dräi Referenzwäerter elo zu Kompetenzen ausgebaut, déi fir den „it“ am Slogan „Let's make it happen“ stinn: Kreativitéit, Diversitéit an Nohaltegkeet. Kann den

Här Minister erklären, a wéiwäit dës dräi Kompetenzen „typesch lëtzebuergesch“ sinn an eis vun aneren europäesche Länner ënnerscheiden?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves slightly upwards at the end.

Fernand Kartheiser,
Deputéierten